Lëtzebuerger
Guiden a Scouten

Dossier zum Mot d'ordre
2023-2026

# D'Zukunft gehéiert eis

## The Future is Ours

### Participatioun a Matbestëmmung bei den LGS

*** *** ***

**„Et sinn déi Jonk vun haut déi d'Entscheedunge vu muer treffen."** (Zitat aus der neier Method)

**Participatioun** baséiert op der Iwwerzeegung, datt jiddereen d'Recht an d'Méiglechkeet huet bei Entscheedungen an Ugeleeënheeten, déi d'eegent Liewen, d'eege Gemeinschaft an d'eegen Ëmwelt betreffen, **mat ze schwätzen**, sech anzebréngen, zesumme Léisungen ze sichen an dës **zesummen ëmzesetzen**.

Als Jugendmouvement wëlle mir déi Jonk op hirem Wee **stäerken**, **ënnerstëtzen** an si drop virbereeden, **Verantwortung** vis-à-vis vun hire Matmënschen, hirer Ëmwelt a vis-a-vis vun sech selwer ze iwwerhuelen.

An däsem Sënn sollen all eis Memberen a virun allem eis jonk Memberen d'Méiglechkeet hunn, op lokalem wéi op nationalem Niveau hir **Meenung** ze äusseren, hir Iddien **anzebréngen**, matzebestëmmen a **gehéiert ze ginn**.

Bei den LGS ass et un eis Erwuessenen dës **Méiglechkeeten** ze schafen; eise Kanner a Jonken eppes **zouzetrauen**, hinne Responsabilitéiten ze iwwerginn an si an hiren Iddien ze **respektéieren** an ze **stäerken**, esou datt si d'**Zukunft** selwer **gestallten** a lenke kënnen.

Als gréisste Jugendmouvement zu Lëtzebuerg ass et eis **Responsabilitéit**, mat der Zäit ze goen an eis bestoend Strukturen an Ofleef ze **iwwerdenken**, oppen ze si fir **nei Iddien**, eis Aarbechtsweis ze hannerfroen a virun allem deene Jonken d'Méiglechkeet ze ginn sech aktiv un däsem Prozess ze **bedeelegen**.
Fir dëst ëmzesetzen, ass et wichteg gemeinsam ze definéieren, wat Participatioun fir eis als LGS konkreet bedeit.

### Dësen Dossier

Ziel vun dësem Dossier ass et iech e puer Iddie mat op de Wee ze ginn, wéi dir de Mot d'ordre vun deene nächsten dräi Joren „**The Future is Ours**", bei dem et sech ëm d'Participatioun an d'Matbestëmmung bei den LGS dréint, ëmsetze kënnt.

An dësem Dossier fannt dir an engem éischten Deel Hannergrondwëssen zum Theema Participatioun a wat Matbestëmmung am Kontext vun de Lëtzebuerger Guiden a Scoute bedeit. An engem zweeten Deel kritt dir verschidde Methode virgestallt, wéi dir Participatioun konkreet bei iech am Grupp an an der Branche ëmsetze kënnt. Dës Methode sollen als Inspiratioun déngen an iech hëllefe selwer nei Iddien ze entwéckelen, fir är Biber, Wëllefcher, AvEx, CaraPio a RaRo matschwätzen, matgestalten a matdecidéieren ze loossen.

## Wat ass Matbestëmmung? Wat ass Participatioun?

Participatioun baséiert op dem Usproch an dem Recht vu jidderengem, Entscheedungen an Ugeleeënheeten, déi d'eegent Liewen an d'eegen Ëmwelt betreffen, beaflossen ze kënnen. Deemno vertrëtt **Matbestëmmung** d'Usiicht, datt jidderee selwer den Expert fir seng eege Besoinen ass, an datt jiddereen dës Besoinen äusseren a vertrieden däerf. Den Usproch vu jidderengem, bei **Entscheedungsprozesser,** déi e selwer betreffen, aktiv matzemaachen, ass e Grondrecht, dat all Mënsch vu Gebuert un huet. Dëst ass am lëtzebuergesche Jugendgesetz an an der Kannerrechtskonventioun vun de Vereenten Natioune festgehalen, déi 1993 och vu Lëtzebuerg ënnerschriwwe ginn ass.

Och schonn de B.P. sot: „Ask the boy, ask the girl", mat deem gemengt ass, datt et wichteg ass déi Jonk ëm hir Meenung ze froen a si an d'Gestaltung an d'Entscheedunge vum Gruppeliewen anzebannen. **Deemno ass d'Participatioun e feste Bestanddeel vum Guidessem a Scoutissem an Deel vun eiser Methode**, no der bei den LGS geschafft gëtt.
An der aktueller Guiden- a Scoutsmethod ass d'Participatioun an dräi Beräicher agedeelt: Matschwätzen, Matgestalten, Matbestëmmen.

- **Matschwätzen**: heibäi geet et drëms, datt déi Jonk léieren, hir eegen Iddien, Meenungen, Wënsch an Erfarungen ze formuléieren an auszedrécken. Als Chef ass et wichteg reegelméisseg Méiglechkeeten ze schafen, wou déi Jonk

sech äussere kënnen, wou si gehéiert an eescht geholl ginn. Sou léieren si eng Meenung ze hunn, déi auszedrécken an ze erliewen datt déi eege Meenung wäertgeschat gëtt.

- **Matgestalten**: an engem zweete Schrëtt sollen déi Jonk aktiv matmaachen a matschaffe kënnen, awer och deem no goe kënnen, wat si interesséiert oder wat si grad brauchen. Si sollen d'Méiglechkeet hunn, selbstänneg ze entdecken, eegen Iddien ze entwéckelen an d'Liewen an der Branche an am Grupp matgestalte kënnen.
- **Matbestëmmen**: hei sollen déi Jonk d'Méiglechkeet kréien Entscheedunge mat deenen aneren an der Branche an am Grupp ze treffen an dës Decisiounen zesummen ëmzesetzen. Esou kënnen si léiere Responsabilitéit a Verantwortung fir sech an anerer ze iwwerhuelen.

Participatioun kann entscheedend zur Autonomie an dem Selbstwäertgefill vun de Jonke bäidroen, an dem si mierken, datt hir Meenungen an Iddien, hir Talenter an Entscheedungen eescht geholl a wäertschätzt ginn. Dofir wëlle mir déi Jonk vun Ufank un abezéien an de Grad u Matbestëmmung vu Branche zu Branche vergréisseren.

Et ass wichteg, datt en sech an der Chefekipp am Viraus kloer ass, wéi wäit Participatioun a sengem Grupp goe kann, wou déi Jonk matschwätzen an decidéieren däerfen a wou d'Decisioun ëmmer nach bei iech als Chef läit. Et ass wichteg, datt dës Grenze vun all Chef:tainë selwecht kommunizéiert an ëmgesat ginn, fir kee Mëssverständnes an ärer Chefekipp ze schafen. D'Grenze vun der Participatioun leie meeschtens do, wou d'Gesondheet oder d'Sécherheet vun engem Eenzelen oder vum Grupp um Spill steet.
Trotzdeem kann een och hei déi Jonk mat an de Prozess abannen. Hinnen d'Entscheedungen, déi vun iech als Chef getraff gi sinn, erklären, fir transparent ze bleiwen a si mat an d'Boot ze huelen.

Et ass och wichteg am Hannerkapp ze behalen, datt Participatioun eppes ass, **wat geléiert a geüübt muss ginn**. Dofir féiert dir d'Participatioun am beschte lues a lues an, a gitt de Jonke Schrëtt fir Schrëtt ëmmer méi Méiglechkeete fir sech anzebréngen. Den éischte Schrëtt zur Matbestëmmung geet iwwert d'**Informéieren**. Wann déi Jonk reegelméisseg informéiert ginn, wëssen si, wat leeft an ëm wat et geet, kënnen si sech hir Meenung bilden a soen, wann si eppes gutt oder manner gutt fannen a sech amëschen. Et ass wichteg heifir Formen ze fannen, déi dem Alter vun ärer Branche ugepasst sinn an sou uspriechend wéi méiglech gestalt sinn.

Wann dës Basis geluecht ass, kënnt dir weider goen; mat hinnen zesummen Iddie fir Versammlungen, fir Spiller oder fir de Camp entwéckelen, si ofstëmme loossen; zesumme Projeten ugoen etc.
Am nächsten Deel vun dësem Dossier fannt dir Methoden, wéi dir dëst mat ären Jonke vu Biber bis RaRo maache kënnt.

## Konkreet Methode fir Participatioun a Matbestëmmung bei iech am Grupp ëmzesëtzen?

Eng gutt Méiglechkeet fir déi Jonk aus ärer Branche matschwätzen a matbestëmmen ze loossen, ass iwwert d'Form vun engem Projet (Aacht, Trail, Expeditioun, Entreprise, Projet), wou d'Versammlungen sech wärend e puer Wochen ëm dat selwecht Theema dréinen. Déi Jonk, vum Biber bis RaRo, kënnen hei matbestëmme wéi en Theema si wëllen ugoen, wéi si de Projet wëllen ëmsetzen, wéi a wat fir Aufgaben si ënnert sech wëlle verdeelen etc.
Hei kritt dir e puer Iddien, wéi dir är Jonk an déi verschidden Etappe vun engem Projet abezéie kënnt fir zesumme mat hinnen hir Projeten op d'Been ze stellen. Déi virgestallt Methode kënnen och eenzel benotzt ginn, fir sech iwwer Meenungen auszetauschen, fir zesummen Entscheedungen ze treffen oder e Bilan ze maachen.
Dës Virschléi sollen als Inspiratioun déngen an iech hëllefen, selwer nei Iddien ze entwéckelen. Dobäi ass et wichteg dës Virschléi an all Iddien ëmmer op den Alter an de Kontext vun ärer Branche unzepassen.

### <u>Iddie fannen</u>

Hei kritt dir e puer Methode virgestallt, wéi dir zesumme mat de Jonken aus ärer Branche Iddien a Wënsch sammele kënnt.

- <u>Brainstorming:</u> (fir Biber - RaRo)

Eng ganz einfach Methode fir Iddien ze sammelen, déi dir bestëmmt all kennt. Wichteg ass et, am Ufank ze definéieren zu wéi enger Fro oder Theema dir Virschléi siche wëllt (Méiglech Beispiller: Wat wëllt dir bei der nächster Versammlung maachen? Wéi soll eisen Trimersterplang ausgesinn? Wou wëllt dir op en Ausflug

goen? Wat wëllt dir an ärem Raum hunn? Wéi soll eise Chalet ausgesinn? Wat wënscht dir iech fir den nächste Camp? etc.). Da sollen alleguer d'Iddien, déi opkommen, op e grousst Plakat opgeschriwwe ginn. Entweder et gëtt een (Chef), deen all Iddien opschreift, jidderee kann seng Iddien op eng Kaart schreiwen an dono ginn se all op d'Plakat opgehaangen a virgelies oder jidderee schreift seng Iddien direkt op d'Plakat. Wann dir all Iddie gesammelt hutt, kënnt dir se zesummen duerchgoen an driwwer schwätzen.

- <u>Kreativ Methoden:</u> (fir Biber - RaRo)

Virun allem fir Biber an deelweis och Wëllef kann et nach schwéier sinn hir Iddien opzeschreiwen, ze diskutéieren an ze argumentéieren. Dofir kann ee méi visuelle Methode benotze fir si ëm hir Iddien ze froen. Si kënnen hir Iddien zu engem bestëmmten Theema molen. Eventuell kann en d'Kanner dono froe fir ze erklären, wat si gemoolt hunn a wat hir Gedanken dohannert waren. Alternativ kann en och aner kreative Methode benotzen, wéi zB, Plastilinn, Leem, Bild mat Naturmaterialien oder eng Collage maachen.
Och fir déi méi al Branche kann dëst eng flott Méiglechkeet sinn, fir eleng oder a klenge Gruppe vun 1-3 Jonken, Iddien ze spannen an dono mat deenen aneren iwwert déi entstanen Iddien ze diskutéieren.

- <u>Wonschkëscht:</u> (fir Biber - RaRo)

An ärer Branche kënnt dir zesummen eng Këscht (zB. Schongkëscht) mat fäerdeg preparéierte Käertercher opstellen, an déi déi Jonk hir Iddien, Feedback, Wënsch, Problemer etc. geheie kënnen. Dir kënnt entweeder e puer Këschten zu verschiddenen Theemaen opstellen (zB." Iddie fir den nächste Camp", „Meckerkëscht", „Dat gefält mir an eisem Grupp", „Doriwwer musse mir schwätzen..." etc.) oder dir kënnt Käertercher a verschiddenen Faarwen zu verschiddenen Theemae preparéieren, déi dann all an déi selwecht Këscht kënne kommen.

- <u>Talking Stick:</u> (fir Biber - RaRo)

En Talking Stick ass e Bengel oder Staf, dee bei villen indigeene Vëlker benotzt gëtt fir wichteg Gespréicher ze féieren.
De schéin dekoréierte Staf gëtt ronderëm gereecht an nëmmen déi Persoun, déi de Staf an der Hand hält, däerf schwätzen. All déi aner am Grupp lauschtert

opmierksam no an däerf net ënnerbriechen. Esou kënnt dir d'Gespréichskultur an ärem Grupp verbesseren an d'aktiivt Nolauschteren üben.
Dir kënnt zesumme Reegelen opstellen, wéi de Staf benotzt soll ginn a wéi dir bei sou engem Gespréich matenee schwätze wëllt (zB.Ech-Botschaften, et däerf een net dat selwecht soen, wat dee virun engem scho gesot huet etc.). De Staf kann entweeder am Krees ronderëm goen oder un dee weider goen, deen eppes soe wëll.
Dir kënnt de Staf an all Situatioun benotzen, an der en iech hëllefräich erscheint, zum Beispill bei der Entwécklung vun Iddien, beim Bilan oder a Konfliktsituatiounen.
Dir kënnt och aner Géigestänn benotzen, wéi zB. e Petzi, eng Taass, eng Noss etc.

- <u>Ideen-Spadséiergang:</u> (fir Biber - RaRo)

D'Iddi heibäi ass et, op déi Plaz ze goen, wou een eppes maachen oder verännere wëll. A klenge Gruppen (oder all zesumme jee no Grupp, Alter a Plaz) kann een op dëser Plaz spadséiere goen, kucken, wat engem opfält, wat ee stéiert, wat engem feelt, wat ee gäre géing anescht maachen etc. Ier dir lassgitt, sollt dir zesummen definéieren, op wat dir oppasse wëllt an zu wat dir iech Gedanke maache wëllt. Maacht eng Auerzäit of, wéini dir iech rëm zesumme fannt. Dono kënnt dir all Gedanken an Iddien, déi opkomm sinn, sammelen an zesumme mat deene Jonke kucken, wat fir Theemaen oder Projete fir déi nächst Versammlungen dobäi eraus kéinte kommen.
Wann dir net op d'Plaz selwer goe kënnt, kënnt dir och eng Fantasiereess maachen an de Jonke mat sou vill Detailer wéi méiglech, beschreiwe wéi d'Plaz ausgesäit, sou datt si a Gedanken e klenge Spadséiergang maache kënnen.
E puer Iddien:

- Dir gitt duerch de Bësch mat der Fro: Sinn ech gär am Bësch? Wat maachen ech gären am Bësch? Wat kéinte mir wärend eiser nächster Versammlung am Bësch spillen / bauen / maachen (fir eis ëm de Bësch ze këmmeren)?
- Dir gitt duerch äert Duerf mat der Fro: Wéi gesäit et hei aus? Wat gëtt et hei alles? Wat ass flott, wat ass net sou flott? Wat géinge mir eis wënschen, datt hei anescht wär? Wat kënne mir veränneren?
- Dir gitt duerch äre Chalet: Gefält et eis an eisem Chalet? Wat wär flott an eisem Chalet / an eisem Grupp ze hunn? Gëtt et eppes wat mir verännere wëllen?

- <u>Mini- Zukunftswerkstatt:</u> (fir Biber - RaRo)

  Bei dëser Method, ass et erëm wichteg, fir d'éischt ze definéieren, zu wéi engem Theema dir Iddie sammele wëllt (zB. Mäin Dram-Chalet, De perfekte Camp, Dat wollt ech schonn ëmmer eng kéier an enger Versammlung maachen etc.). Dono geet et drëms senger Fantasie frei lafen ze loossen an sech net dovun aschränken ze loossen, wat realistesch ass a wat net (zB. Wat géinge mir op engem perfekte Camp maachen, wann alles méiglech wär? → Mat Einhörner reide goen! ;) ).
  Réischt an engem zweete Schrëtt iwwerleet dir, wéi dir är Dram-Iddien an d'Realitéit kéint **ëmsetzen.** Natierlech muss dir d'Iddien heifir e bësse veränneren.
  Dir kënnt iech an déi Jonk froen: wat musse mir veränneren, fir datt mir eis Iddi verwierkleche kënnen.
  D'Biber an eventuell d'Wëllef, kënne fir den éischte Schrëtt vun dëser Methode beispillsweis e Bild molen. Beim zweete Schrëtt, brauchen si warscheinlech zousätzlech Ënnerstëtzung vun hire Chef:tainen.

- <u>Alle guten Wünsche sind drei:</u> (fir AvEx - RaRo)

  Jidderee schreift dräi Wënsch zu engem bestëmmten Theema oder enger bestëmmter Fro op en Ziedel. Zousätzlech schreift jiddereen eng Saach op, déi net wouer oder der Persoun net sou wichteg ass.
  Da kënnt dir am Grupp probéieren erauszefannen, wéi en Ziedel zu wéi enger Persoun gehéiert, a wéi e vun deene véier Wënsch net wouer ass.
  Dono kënnt dir mat de Jonken iwwert d'Wënsch schwätzen an ob se ëmsetzbar wären. Wënsch, déi puer mol optauchen, **sollten** opgeschriwwe ginn an zesumme sollt dir weider un dëse schaffen.

## <u>Iddie konkretiséieren</u>

Mat dëse Methode kënnt dir är gesammelt Iddie weider konkretiséieren, fir dono zesummen ze decidéieren, wéi eng Iddi dir tatsächlech ëmsetze wëllt.

- <u>Jetzt – Bald – Später Matrix:</u> (fir Biber - RaRo)

  Déi Jonk deelen sech an e puer kleng Gruppen op. All Grupp sicht sech eng Iddi aus, mat der si sech weider beschäftege wëll. Dat kann déi eegen oder engem aneren seng Iddi sinn. Et sollt just am Viraus ofgekläert ginn, wéi eng Grupp wéi eng Iddi

weider ausschafft. Ziel ass et, datt all Grupp e konkreete Plang entwéckelt, wéi d'Iddi kéint ëmgesat ginn.
Heifir kann all Grupp sech op enger Zäitschinn iwwerleeën, wéi eng Schrëtt gemaach musse gi fir d'Iddi ëmzesetzen.
Dono stellen sech d'Gruppen hir Zäitschinne géigesäiteg vir, dir kënnt zesummen driwwer diskutéieren an entscheeden, wéi eng Iddi dir weider verfollege wëllt.
D'Biber an eventuell Wëllef, brauche bei dëser Method zousätzlech Ënnerstëtzung vun hire Chef:tainen.

- <u>Foire vun den Iddien:</u> (fir AvEx - RaRo)

Och hei deelt dir iech an e puer kleng Gruppen op an all Grupp sicht sech ee Virschlag aus, mat dem si sech weider beschäftege wëllen. Dës Method kann iwwert puer Versammlunge goen. An enger éischter Versammlung huet all Grupp Zäit sech fir d'Foire virzebereeden. Dofir ka jiddereen en Deel vun ärem Brancheraum oder Chalet dekoréieren, Plakater, Flyeren, e Stand an Aktioune preparéieren, fir esou fir hir Iddi Reklamm ze maachen. Et ass wichteg am Viraus ze klären, wéi vill Zäit d'Gruppen hunn a wat si an der Zäit alles preparéiere kéinten, wat fir Material si zur Verfügung hunn etc. Dir kënnt hinnen och lo schonn erklären, datt wärend der Foire ëmmer 1-2 Jonker beim Stand sollen si fir d'Iddi ze presentéieren, wärend déi aner sech déi aner Stänn ukucke ginn.
Jee no Alter vun de Jonken, kënnt dir si méi oder manner bei dëse Preparatiounen ënnerstëtzen.
An der nächster Versammlung ass dann d'Foire vun den Iddien, wou all Grupp hir Iddi virstelle kann, a probéiere soll déi aner vun hirer Iddi ze iwwerzeegen. Zum Schluss vun der Foire, oder an der nächster Versammlung kënnt dir iwwert déi verschidde Projete schwätzen an ofstëmme wéi eng Iddi dir ugoe wëllt.

## <u>Entscheedungen treffen</u>

Nodeems dir verschidden Iddie gesammelt a konkretiséiert hutt, geet et elo drëms, zesummen ze decidéieren, wéi eng Iddi(en) dir an d'Realitéit ëmsetze wëllt. Hei fannt dir e puer Methoden, wéi dir zesummen eng Entscheedung treffe kënnt.

- <u>Wielen:</u> (fir Biber - RaRo)

  Bei dëser Method hutt dir entweeder schonn zesumme mat de Jonken Iddie gesammelt, oder dir als Chef:tainë gitt e puer Méiglechkeete vir (kann eng Méiglechkeet bei deene méi jonke Branchë sinn). Dann kann e beispillsweis Fotoen oder Biller vun de verschiddenen Optiounen ophänken. All Jonke kritt rout an/oder gréng Punkten (oder Lach-a Kräischmännchen) fir opzepechen. All Jonke kann een oder puer Punkte kréie fir bei d'Optiounen ze pechen. Änlech kann een, individuell Karte mat de verschiddenen Optioune maachen, wou all Jonken ukräizen (bzw. oppechen) kann, wéi eng Optiounen hien/hatt gutt oder net sou gutt fënnt. Sou ka jiddereen seng Entscheedung anonym maachen a gëtt net onbedéngt vun deenen anere beaflosst.

- <u>Polarexpeditioun:</u> (fir Biber - RaRo)

  Dir kënnt de Prozess fir zu enger Entscheedung ze kommen och an e Spill oder eng Geschicht verpaken. Hei kënnt dir déi Jonk duerch ären eegenen **Enthusiasmus** beim Erziele motivéieren a mat a d'Geschicht oder d'Spill abannen.
  Hei e Beispill: Dir an déi Jonk sidd op enger Polarexpeditioun. Dir hutt Saachen dobäi fir ënnerwee e klengt Feier unzefänken, fir iech ënnerwee bëssen opzewiermen.
  Dir fänkt e klengt Feierchen un mat dem Holz wat dir dobäi hutt, mee dir musst geschwënn Holz no leen, fir datt d'Feier net ausgeet. D'Chef:tainen hunn nach méi Stecker Holz dobäi. Op all Stéck Holz steet mat Edding eng Iddi, déi dir an engem viregte Schrëtt oder an der leschter Versammlung zesummen zu engem Theema gesammelt hutt. Elo geet et drëms zesummen ze decidéieren, wéi eng Iddien dir wëllt an d'Feier geheien a verbrenne wëllt a wéi eng der behale wëllt.
  Ier dir ufänkt Iddien an d'Feier ze geheien, sollt dir zesumme klären, ob dir nëmmen eng oder puer Iddien zum Schluss hale wëllt.

- <u>Entscheedungspyramid:</u> (fir AvEx - RaRo)

  Och bei dëser Methode ginn et scho Virschléi zu engem Theema an dir wëllt zesummen tëschent dëse Virschléi entscheeden. Jidderee kritt en Ziedel op déi hien/hatt seng dräi favoriséiert Virschléi opschreift. Nodeems jiddereen seng Favoritten opgeschriwwen huet, geet een zu zwee an zwee zesummen a stellt sech géigesäiteg seng Favoritte vir. Dono eenegt en sech zesummen op dräi vun de sechs Virschléi.

Dann doen sech all kéiers zwou Zweeërgruppen zesummen. Wéi am Schrëtt virdrun, stellen sech béid Gruppen hir Favoritte vir an zesummen eenegen si sech rëm op dräi Virschléi.
Dëst geet ëmmer esou weider, bis et zum Schluss nach zwou grouss Gruppe mat all kéiers dräi Virschléi gëtt. Och hei eenegen sech béid Gruppe rëm op dräi Iddien.
Iwwert déi lescht dräi Virschléi kann ofgestëmmt ginn.
Op engem Plakat kann een zousätzlech visualiséieren, bei wéi engem Schrëtt d'Gruppen sech befannen an op wéi eng Virschléi sech gëeenegt goufen.
Et kann een och festleeën, datt een sech zwee Virschléi eraussicht an sech an der Grupp all Kéier erëm op zwee Virschléi eenegt.
Bei dëser Method ass et wichteg, datt d'Chef:tainë kucken, datt grad am Ufank Jonker déi op engem änleche rhetoreschen Niveau sinn, zesummen diskutéieren.

## Duerchféierung

Déi konkreet Duerchféierung vun engem Projet ass ganz individuell an hänkt vun ärer Projetsiddi of. Wichteg ass awer ëmmer nach **d'Iddie vun de Jonken** op ze huelen a **mat hinnen zesummen ze plangen, wéi hir Virschléi, Wënsch, an Iddien ëmgesat kënne ginn.** D'Längt vun esou enger Planungsphase ka méi oder manner laang sinn. Mee virun allem fir Biber an deelweis fir d'Wëllefcher, kann et nach schwéier an net sou interessant sinn, sech laang Gedanken iwwert d'Planung ze maachen. Hei kënnt dir als Chef:tainë bësse méi vir- a matdenken.
Trotzdeem ass et wichteg, jiddereen an de Projet anzebannen. Zesumme kënnt dir iwwerleeën, wie wat maachen oder ausprobéiere wëll, wie wat gutt kann an deementspriechend jidderengem kleng Aufgaben a Responsabilitéiten ze iwwerdroen.
Fir alles bei ärem Projet ze bedenke kënnt dir folgend Froen zesumme beäntwerten: Ween? Wat? Wéi? Wéini? Wou? Mat wat? Mat wiem? Wéi vill? Firwat?

## Ofschloss a Bilan

Nodeems dir ären Projet ofgeschloss hutt, ass et wichteg e Bilan ze maachen. Ier dir dat maacht ass et awer och wichteg iech ze gratuléieren, iech iwwert dat ze freeën, wat dir zesummen erreecht hutt an ze feieren.
Eng Reflexioun sollt e selbstverständlechen Deel um Enn vun all Projet, Camp, Aktivitéit etc. sinn. Ofhängeg vun der längt vum Projet a vum Alter vun de Jonke

kann dës méi oder manner laang sinn a méi oder manner an d'Déift goen. Trotzdeem ass et wichteg, sech fir e Bilan déi néideg Rou an Zäit ze huelen.
Oft kann e bei esou enger Revue, Erklärunge fir Situatiounen oder Problemer fannen, an esou fir zukünfteg Projete léieren. Et ass awer och wichteg, iwwert dat ze schwätzen, wat flott war a gutt gelaf ass.

- <u>Zilscheif:</u> (fir Biber - RaRo)

Hänkt fir all Bilansfro oder zu all Aktivitéit, zu der dir déi Jonk ëm hire Feedback froe wëllt, eng Zilscheif op. Wat d'Aktivitéit méi flott war, wat déi Jonk e Punkt méi no an d'Mëtt pechen oder mole kënnen.
Dono kënnt dir konkreet iwwert hire Feedback schwätzen a firwat si déi verschidden Aktivitéiten esou bewäert hunn.

- <u>Fann deng Faarf:</u> (fir Biber - RaRo)

Op enger begrenzter Fläsch (idealerweis op enger Wiss oder op enger relativ fräier Platz am Bësch) hutt dir verschidde gréng, orange a rout Objete verdeelt leien. Dir stellt ären Jonke verschidde Bilansfroen. Deemno wéi et hinne gefall huet, sollen si en Objet an der passender Faarf fannen (gréng fir „super flott", orange fir „sou mëttel", rout fir „huet mir net gefall"). Verdeelt d'Saachen sou, datt si all Kéier bëssen hin an hier lafe mussen.

- <u>Rucksak a Feier:</u> (fir Biber - RaRo)

Dir hutt zwee Plakater preparéiert. E mat engem Rucksak drop gemoolt oder gepecht a mat der Iwwerschrëft „Dat huelen ech mat". Dat zweet Plakat, mat engem Feier an der Iwwerschrëft, „Dat loossen ech hei". Zousätzlech kritt jiddereen dräi Feier- an dréi Rucksak-Käertercher.
Jidderee schreift fir sech all kéiers e Punkt op all Käertchen, (zB. op de Rucksak: wat him gutt gefall huet, wat gutt gelaf ass, wat hien/hatt aus dem Projet geléiert huet etc. an op d'Feier wat net sou flott war a wat net sou gutt funktionéiert huet). Jidderee kann also dräi Saachen aus dem Projet mathuelen an dräi Saachen do loossen.
Dono ka jiddereen seng Käertercher virstellen, se bei de Rucksak oder d'Feier hänken an dir kënnt iech iwwert déi verschidde Punkten austauschen a diskutéieren. Fir déi méi Jonk Branchen, bitt sech rëm eng méi Altersgerecht Method un, bei der si hir Punkte molen oder soss kreativ duerstelle kënnen.

Alternativ kënnt dir och e richtege Rucksak an e richtegt Feier maachen. Alles an de Rucksak packen, wat dir beim nächste Projet rëm wëllt maachen, an alles verbrennen, wat dir d'nächste Kéier anescht wëllt maachen.

- Mini-Sketcher: (fir Wëllef - RaRo)

Déi Jonk ginn a puer kleng Gruppen opgedeelt. Deelt si esou op, datt si mat Jonken zesummen sinn, mat deenen si vill erlieft hunn/ vill zesumme gemaach hunn. Dir gitt hinnen en Theema zu dem si sech eppes sollen iwwerleeën (zB. Wat war ären Liblingsmoment um Camp? Wat war dat Witzegst um Camp? Wat ass iech schwéier gefall? Etc.) Gitt de Jonke bëssen Zäit fir sech ze beschwätzen an sech eppes auszedenken. Déi Jonk sollen ouni ze schwätzen hire Moment nospillen. Dir kënnt hinnen och eng Zäitvirgab ginn, zB. de Sketch däerf Max. 1 Minutt daueren. Dann spillt all Grupp hire klenge Sketch vir a kann dono kuerz erklären, firwat si de Moment gewielt hunn.
Dir kënnt e puer Duerchleef zu verschiddenen Theemae maachen.

## Fest Strukture fir Participatioun ze liewen

Nieft dëse punktuelle Methoden, déi en a konkreete Situatioune benotze kann, gëtt et och Methoden, déi op enger reegelméisseger Basis stattfannen, fir déi Jonk an enger fester Struktur ëmmer rëm ëm hir Meenung ze froen, si aktiv anzebannen a matdecidéieren ze loossen.

- De Mini-Grupperot:

De Mini-Grupperot ass eng Platz, wou déi Jonk aus engem Grupp, vu Biber bis RaRo zesummekommen an d'Méiglechkeet hunn, sech auszetauschen, hir Meenung fräi ze äusseren, konkreet Virschléi ze maachen an sech esou an d'Gescheie vum hirem Grupp aktiv anzebréngen (Vergläichbar mat engem Klasserot).
D'Iddi fir de Mini-Grupperot ass an Zesummenaarbecht mat eisem Partner dem Zentrum fir politesch Bildung entstanen an ass a verschiddenen Gruppe scho feste Bestanddeel vum Gruppeliewen.
De Mini-Grupperot besteet aus 1-2 Vetrieder aus all Branche a gëtt vum Gruppechef:taine moderéiert. D'Vetrieder kënnen sech opsetzen an/oder vun

deenen aner aus der Branche gewielt ginn. Si vertrieden hir Branche am Mini-Grupperot.
De Min-Grupperot trëfft sech a reegelméissegen Ofstänn, zum Beispill virun all Vakanz, no all Vakanz, zwee mol am Trimester etc.
Virun all Mini-Grupperot sollten déi Jonk aus all Branchen Zäit kréien, fir sech mat hire Vertrieder auszetauschen an zesumme festzeleeën, wéi eng Theemaen si wëllen uschwätzen, wéi eng Meenung si vertriede wëllen etc. (dëst eventuell ouni Chef, esou datt déi Jonk sech fräi ausdrécke kënnen). An der nächster Versammlung nom Mini-GR sollten d'Vertrieder erëm Zäit kréien, fir an hirer Branchen ze berichten, wat am Mini-GR beschwat ginn ass an déi Jonk sollten Zäit kréien, fir doriwwer ze schwätzen (deemno wéi kënnen d'Chef:tainen hei als Moderatoren dobäi sinn).
De Mini-GR bitt de Kanner a Jonken aus dem Grupp d'Méiglechkeet Theemaen, déi si an hirem Scoutsalltag wichteg fannen, unzeschwätzen an Afloss op d'Geschéien an hirem Grupp ze hunn.
Duerch de Mini-Grupperot kënnen déi Jonk motivéiert ginn, Verantwortung an Initiativ ze ergräifen. Déi Jonk erliewen, datt si Deel vun engem Ganze sinn, datt si sech däerfen a sollen abréngen an datt hir Gedanken an Iddie wäertgeschat ginn. Sou kann den Zesummenhalt iwwert Branchen eraus am ganze Grupp gestäerkt ginn.

➢ <u>Rootsfiels & Trupperot:</u>

- Bei de Wëllefcher → Rootsfiels, ee Rot tëschent deenen „groussen" Wëllef aus dem 3. Joer an de Chef
- Bei den AvEx → Trupperot, eng Versammlung tëschent Chef a Patrullechef

Oft sichen déi Jonk aus dem leschte Joer aus enger Branche no enger nei Erausfuerderungen an si bereet éischt Responsabilitéiten ze iwwerhuelen. Heiansdo sinn et grad déi Jonk, déi eng zousätzlech Motivatioun brauchen, fir d'Loscht un de Guiden- a Scoutsaktivitéiten net ze verléieren. Eng Méiglechkeet fir déi Jonk zousätzlech mat anzebanne kann ee Rot sinn.
Wéi kann dat oflafen?
A reegelméissegen Ofstänn, bei enger Versammlung, op engem Weekend oder um Camp ginn déi „Grouss" (bzw. Patrullechef) mat engem Chef an de Rot. Dat kann eng fest a gemittlech Plaz sinn, wou ee zur Rou ka kommen.
De Chef erkläert d'Ziler vun esou engem Rot: zesumme solle Responsabilitéiten iwwerholl gi fir d'Versammlungen nach méi flott ze gestalten an opzepassen, datt jiddereen sech wuel fillt.

Wichteg: bei Streidereien tëscht eenzele Jonken, soll een insistéieren, datt si sech richteg Ausdrécken an Ech-Botschafte benotzen. Heiansdo ass et och néideg, Reegele festzeleeën, wéi ee matenee schwätze wëll (zB. Talking-Stick).
D'Iddien, déi am Rot beschwat ginn, ginn opgeschriwwen a mat an déi nächst Chefvirbereedung geholl.
Theemaen, déi an de Rootsfiels oder an den Trupperot passen:

- Feedback zu verschidden Aktivitéiten
- Iddien a Virbereedunge vu Spiller, Aktivitéiten, Ausflich etc.
- Festleeë vun neien Theemaen
- Bestandsopnam vu Schwieregkeeten am Grupp mat Léisungsvirschléi
- Rolleverdeelung (zB. fir nei Memberen opzehuelen, bei enger Aktivitéit oder Spill etc.)
- Open Session (Suergen, Wënsch, Theemaen etc. vun de Jonken)

## Weider konkreet Methode fannt dir hei:

- **Zentrum fir politesch Bildung** – „Kannercomité an der Maison Relais" – Link: https://zpb.lu/wp-content/uploads/2023/01/Praxismaterial-Kannercomite-DE_s.pdf
  Hei fannt dir ganz vill praktesch Ënnerlagen, déi dir fir de Mini-Grupperot awer och fir aner Methode benotze kënnt. (zB. Ofstëmm-Kaarten, ganz vill verschidde Smileyen, Ënnerlage fir äre Projet ze plangen etc.).

- **WOSM** - "Youth Involvement, Youth Empowerment: Toolbox Programme Handouts" – Link: https://learn.scout.org/resource/youth-involvement-youth-empowerment-toolbox-programme-handouts
  Hei fannt dir vill Hannergrondinformatiounen zum Theema Participatioun a weider praktesch Methoden.

- **Kinderbeteiligung Stuttgart** – „Kinderbeteiligung leicht gemacht!" - Link: http://www.kinderbeteiligung-stuttgart.de/files/methodenkinderbeteiligung.pdf
  Hei fannt dir vill Projets-Iddien a ganz detailléiert beschriwwe Methode fir dës ëmzesetzen.

- **dpsg** - „Mitbestimmung bei den Bibern" – Link: https://dpsg.de/sites/default/files/2021-05/handreichung_mitbestimmung.pdf
  Hei fannt dir ganz konkreet Zenarien a Methode fir participativ mat de Biber ze schaffen.

- **Pfadibewegung Schweiz** – „Funkä – Hilfsmittel für Leitpfadis"
  Link: https://pfadi.swiss/media/files/1e/pbs_202003_leitpfadihilfsmittel_funkae_a5_draft10_final_web_de_es.pdf
  Hei fannt dir Methode speziell fir d'Avex a Patrullenchef.

<u>Uspriechpartner:</u>

Dir sicht no Ënnerstëtzung fir äre Projet méi participativ ze gestallten, dir braucht eng flott Methode fir äre Bilan méi interessant ze maachen, dir wëllt de Mini-Grupperot bei iech am Grupp ëmsetzen.... ? Bei alle Froen zur Participatioun kënnt dir iech bei mir mellen:

Liz Feinen

Mail: liz.feinen@lgs.lu
Tel.: 26 94 84 36